N°2070
Entrée le 03.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2070 vum 11. Mäerz 2025 vum Här Deputéierten André Bauler.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zur Transversale vu Clierf an dem domat verbonnene Verkéiersopkommes op dëser neier Achs.

Ier d'Transversale vu Clierf opgaangen ass, war d'Nationalstrooss N18 - déi Maarnech mam Flouernumm *Antoniushaff* verbënnt - eng wichteg Verkéiersachs tëscht dem Nordwesten an dem Nordoste vum Land. Dës Strooss huet deemno och ee signifikant Verkéiersopkommes opgewisen, dat och am Zentrum vu Clierf.

Unhand vun den Donnéeën, déi der Stroossebauverwaltung zur Verfügung stinn, kann ee feststellen, dass den Zentrum vu Clierf an d'Ëmgéigend duerch d'Ouverture vun der neier Verkéiersachs staark entlaascht goufen.

D'Transversale ass an zwou Etappen opgaangen. Virun der Aweiung gouf et fir d'éischt eng partiell Ouverture, bei där den Uschloss tëscht dem Rond-point Reiler an dem alen CR339 fir de Verkéier opgaangen ass.

Am Zentrum vu Clierf goufen, virun der partieller Ouverture am September 2022, am Duerchschnëtt **5 917 Gefierer** (538 Notzgefierer a 5 379 Autoen) gezielt. Tëscht der partieller an der kompletter Ouverture am Juli 2024 ass dësen Verkéier op **3 888 Gefierer** (429 Notzgefierer an 3 459 Autoen) zeréckgaangen. No der kompletter Ouverture goufen nach **3 252 Gefierer** (338 Notzgefierer an 2 914 Autoen) gezielt.[1]

Zousätzlech gëtt de Verkéier säit dem 21. Januar 2025 beim Rond-point zu Maarnech gezielt. Tëscht dem 21. Januar 2025 an dem 28. Februar 2025 goufen duerchschnëttlech **5 143 Gefierer** pro Dag op der Transversale gezielt, dovu 526 Notzgefierer a 4 617 Autoen.

Eng statistesch relevant Ausso kann awer eréischt fréistens no méi wéi engem Joer getraff ginn. Trotzdeem kann een awer elo scho feststellen, dass d'Transversale säit der Ouverture ee groussen Undeel vum Verkéier opgeholl huet.

Fir eng nach méi detailléiert Evaluatioun vun der Situatioun kënnen och d'Zielunge beim Antoniushaff an op der Maulesmille mat a d'Betruecht gezu ginn.

[1] D'Zuele bezéien sech op de Verkéier an déi zwou Richtungen a just op d'Schaffdeeg.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Am Tableau heidrënner sinn nach eemol all di pertinent Donnéeë resuméiert:

| | **Virun der Ouverture** | **Tëscht der partieller an der kompletter Ouverture** | **No der kompletter Ouverture** |
|---|---|---|---|
| **Zentrum vu Clierf** | **5 917**<br>(*538 N an 5 379 A*) | **3 888**<br>(*429 N an 3 459 A*) | **3 252**<br>(*338 N an 2 914 A*) |
| **Antoniushaff** | **4 034**<br>(*419 N an 3 615 A*) | **4 485**<br>(*464 N an 4 021 A*) | **4 577**<br>(*429 N an 4 148 A*) |
| **Maulesmillen** | **2 099**<br>(*243 N an 1 856 A*) | **1 987**<br>(*173 N an 1 814 A*) | **2 248**<br>(*173 N an 2 075 A*) |
| **Transversale** | / | / | **5 143**<br>(*426 N an 4 617 A*) |

*N= Notzgefierer A= Autoen - D'Zuele bezéie sech op de Verkéier an déi zwou Richtungen a just op d'Schaffdeeg.*

Ofschléissend kann ee soen, dass déi generell Evolutioun vum Trafic iwwerall zougeholl huet, mee op den uewe genannte Plazen huet den Trafic am Verglach net zougeholl respektiv ass e méi oder manner konstant bliwwen.

Bis op den neie Compteur op der Transversale sinn déi Zuelen ëffentlech zougänglech a kënne vu jiddwerengem zu all Moment um "Portail des Travaux publics" agesi ginn (https://travaux.public.lu/fr/infos-trafic/comptage.html).

Lëtzebuerg, den 3. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes